



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Premierminister, Staatsminister, vun der Ministesch fir Justiz a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5416 vum 21. Dezember 2021 vun den honorabelen Députéierte Laurent MOSAR a Léon GLODEN iwwert d'participants aux manifestations contre les mesures sanitaires appartenant à l'extrême droite"**

### **Ad 1) an 2)**

D'Regierung kann, à ce stade, net confirméieren, datt sech ënnert de Manifestante Persounen befannen, déi sech rietsextremen Tendenzen oder Mouvementer zougehéiereg weisen, woufir een net kann erkennen, datt de Protest „vu rietsextreme Mouvementer ënnerwandert“ wier.

D'Regierung kann awer net ausschléissen, datt Persounen aus dem rietsextreme Milieu versichen, d'Manifestatiounen géint Corona-Mesurë fir hiren Agenda z'instrumentaliséieren.

Wat d'Perquisitioun vum 18. Dezember 2021 zu Gréiwemaacher betrëfft, handelt et sech heibäi em eng enquête judiciaire zu där d'Regierung sech net ka prononcéieren.

### **Ad 3)**

Am Kader vum gewaltbereeten Extremismus sinn d'Iwwerwaachungsméiglechkeeten duerch d'Sécherheitsautoritéiten, y inclus d'interception à la source, am Code de procédure pénale souwéi am Geheimdénsgesetz virgesinn a geregelt. D'Sécherheitsautoritéiten handeln an deem hinne gesate legale Kader.

### **Ad 4)**

Iwwerpräiwungen iwwert eventuell Verbindungen sinn en cours. D'Sécherheitsautoritéiten täusche sech reegelméisseg mat hiren auslänneschen Homologen heiriwwer aus. D'Zesummenaarbecht an den Informatiounsaustausch mat de Sécherheitsautoritéiten aus deene concernéierte Länner funktionéiert gutt.

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL